

- à émettre tout acte politique qui pourrait être interprété comme soutien direct ou indirect au régime chinois;

- à soulever la question tibétaine ainsi que d'autres violations des droits de l'homme dans les échanges bilatéraux entre la Chine et le Luxembourg, notamment lors de visites officielles.

- à agir de son propre chef et dans l'ensemble des instances internationales afin que soient garantis la démocratie et tous les droits de l'humain au Tibet et en Chine populaire.

- à lier la promotion de futurs échanges commerciaux, tant sur le plan public que privé, à une amélioration notable de la situation au Tibet et des droits de l'humain en République populaire de Chine.

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss et Renée Wagener.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vum där Motioun a si gët un déi zoustänneg Kommissioun weitergeleet.

Den Här Jeannot Krecké huet d'Wuert.

3. Changements dans la composition des Commissions parlementaires permanentes et spéciales

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, am Numm vu ménger Fraktioun géng ech den Här Mars Di Bartolomeo virschloen, fir a ménger Plaz an d'Commission spéciale ze goen.

M. le Président.- As d'Chamber d'accord?

Den Här Lucien Weiler huet d'Wuert.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, ech wollt Iech soen, dass eis Fraktioun verschidde Changementer, wat d'Kommissiounen ugeet, virhëlt.

Den honorablen Här Luc Frieden, deen zu Ministeschéiere komm as, gët an der Commission des Finances duerch den Här Clement ersat an an der Commission juridique duerch den Här Jung.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum dene Changementer.

Mir kommen dann zu den Ännerungsvirschléi 4388 a 4333 iwwer d'Interpellatiounen, 4389 iwwer d'Deliberatiounen an de Kommissiounen an 4397 iwwer d'Fröestonnen.

Et hu sech bis elo agedroen, den Här Lucien Weiler, d'Mme Renée Wagener an den Här Garcia.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum de Propositionen 4388/4333 an 4389, den honorablen Här Jeannot Krecké.

4. Propositions de modification du Règlement de la Chambre des Députés

a) Proposition de modification 4388/4333 concernant les interpellations

Rapport de la Commission du Règlement

M. Jeannot Krecké (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech elo richtig opgepasst hun, dann as et fir d'éischt déi Proposition iwwer

d'Emännerung vun eiser Reglement wat d'Interpellatiounen ubelaangt, déi mer op eiser Ordre du jour hun.

Den Artikel 80 vum eiser Konstitutioun seet, dass op där enger Sait "les membres du Gouvernement ont entrée dans la Chambre et doivent être entendus quand ils le demandent". D'Konterparti an eiser Konstitutioun dovun as, "la Chambre peut demander leur présence". Déi Leit, déi Spezialisten an der Verfassung sin, soen, dat heescht näischt méi an näischt manner, wéi dass nët nëmmen hir Präsenz physique garantéiert as, mä dass se och mussen den Deputéierten äntweren, an zwar a raisonnablen Délaiën. Par extension sin domadder d'Froen an d'Interpellatiounen geduecht.

Et as och esou, dass mir scho länger Zäit eng Praxis an den Interpellatiounen hun. Méng Fraktioun huet eng Proposition gemaacht, fir dat ëmzeänneren. Ech muss soen, dass virdru schon eng Proposition erakomm war vum Här Rippinger. Den Här Rippinger huet den 10. Juli 1997 och eng Modifikatioun gefrot an zwar eng, déi an déi selwecht Richtung geet wéi déi, déi ech am Numm vu ménger Fraktioun gemaacht hun.

Wat as elo d'Essenz vun eise Propositionen?

1. Mir wollten drop hiweisen, dass et am Moment keng Délaië gin an dass et sënnvoll wir, awer Délaiën anzebauen.

Dem Här Rippinger séng Proposition verlaangt nämlech dräi Méint. Eis Proposition as sechs Méint.

Dräi Méint riskéieren eis a Schwiregketen ze bréngen, haaptsächlech beispillsweis an de Méint Juli, August, September. An ech huelen un, Här Rippinger, dass Der kee gréissere Problem gesitt, fir d'Iddi, dass et nët "aux calendes grecques" geet, ze akzeptéieren an ze soen, et si maximum sechs Méint.

2. Bis elo hat d'Regierung d'Recht, esou eng Interpellatioun ze refuséieren. Mir sin der Meinung, dass dat soll e Recht vum der Chamber sin, wann d'Chamber mengt, et wir en Objet, dee sech nët als Interpellatioun egent. Dofir soll et nët d'Regierung sin, déi dat refuséiert, mä et soll an Zukunft d'Chamber sin, an zwar d'Commission de Travail.

Fir wat d'Commission de Travail? Dat as fir dem President e bëssen déi Onofhängegkeet ze loosse, déi a séngem Amt as, fir dass et am Fong geholl eng Décision commune as, ob mer se unhuelen als solches oder nët.

Wat geschitt, wann d'Chamber iwwer hir Commission de Travail nët der Meinung as, dass eng Interpellatioun soll ugeholl gin? Da gët se automatesch ëmgewandelt an eng Question avec débat, wat also d'Méiglechkeet léisst, dat hei virzedroen, vü dass d'Iddi vum der Interpellatioun déi as, dass een eng Äntwert kritt an nët nëmmen eppes an de Raum stellt, wéi dat bis elo de Fall war.

Bis elo hat een och d'Recht dat virzebréngen, mä et krut ee keng Äntwert. Dës Kéier muss eng Äntwert kommen an et huet een d'Méiglechkeet vum der Zousazfro, esou dass ech mengen, dass domat garantéiert wir, dass haaptsächlech d'Opposition, déi dat Instrument jo am meeschte gebraucht, domat eng gewëse Satisfaktioun dierft kréien.

Mir soen dann, fir den Text ëmzeänneren am Artikel 82 (2), maache mer eng Ajoute, déi seet, dass den Interpellant nët nëmmen dat esou eragët, mä e muss och soen a sën-

ger Interpellatioun wat eigentlech den Objet as vun deem wouriwwer en de Minister interpelléiert.

Dat as also déi éischt Modifikatioun.

Déi zweet Modifikatioun as déi, dass et banné sech Méint un der Regierung as, fir dorop prett ze sin, vü dass et jo dann d'Châmbre as, déi dat decidéiert an dass et automatesch eng Question avec débat gët, wann d'Châmbre der Meinung as, et wir keng Interpellatioun noutwendeg.

Souwäit. Här President, méng Ausféierungen zu deem dote Punkt.

Ech weess nët ob virgesinn as, fir och déi zweet Modifikatioun direkt ze diskutéieren.

M. le Président.- Ech mengen, dat wir vläicht dat besch, well se sech iwwerschniden.

b) Proposition de modification 4389 concernant les délibérations en commission

M. Jeannot Krecké (LSAP), rapporteur.- Den nächste Punkt as eng Proposition, déi d'Aarbechten an der Kommissioun ueget. U sech as e bëssen Duerchenaner opkomm, wéi virun e puer Méint an enger Fro, déi eng gewësse Confidentialitéit hat, d'Meinung opkomm as, dass een dat besser hätt nët no haussen ze droen. Dat as senger Zäit an d'Press gedroë gin, dat as an d'international Press komm an huet mat den Aussoë vun deem, deen et do gemaacht huet, Schwiregkete geschafft.

Et as allerdéngs esou, dass mir hei ëmmer der Meinung waren, dass, wann do steet "non public", dat automatesch heescht, dass näischt aus de Kommissiounen dierf erausgoen. Wann een dat stricto sensu kuckt, dann as dat awer nët esou, well "non public" heescht, "le public n'est pas admis". Mä dat heescht nët, dass d'Informatiounen, déi do opkommen, nët kënnen an de Public dobausse gedroë gin. Dat as ménger Meinung no e bëssen eng Konfusioun an der Praxis, déi mer haten.

Dat éischt wat mer géinge maachen, as, mir géingen emol confirméieren, dass et "non public" as an nët "secret".

Mir géingen och selbstverständlech confirméieren a klorstellen, dass wann et eng Communication orale ou écrite as vun der Kommissioun, dat heescht, eng offiziell Stellungnam, et selbstverständlech muss goen iwwer de Wee vum President, esou wéi dat jo och haut fir Communiquéen de Fall as.

Mir géingen dann higoen an d'Méiglechkeet vum "secret des délibérations" abauen, an zwar doduerch, dass op Ufro vun engem Deputéierten oder op Ufro vun engem Regierungsmember de "secret des délibérations" och kann decidéiert gin, awer "à l'unanimité". Dat heescht, wann een nët domat d'accord as, da gëlt déi aner Regel "non public".

Dat as, fir dass all eenzelnen Deputéierte séng Verantwortung hält wann et heescht ofstëmmen a wann e jo gesot huet zum "secret des délibérations", da muss och jidderee sech drun halen.

Et par voie de conséquence as d'Proposition och déi, fir hinzugeen an eng Sanktioun virzegesi fir deen, dee sech nët un déi Regel hält. Dëser Deg hate mer jo schon eng Rei Diskussiounen zu deem Sujet.

Den Här Meintz huet doropshin e wichtege Punkt opgeworf an der Kommissioun an och Propose gemaacht, déi de Procès-verbal ubelaange vun eise Kommissiounen.

Et as richtig, dass mir dee Procès-verbal an der Responsabilitéit vum Sekretär loossen, deen dat meeschendeels och excellent mécht. Mä et as u sech vun der Prozedur hir nët richtig, dass formal dee Procès-verbal nët approuvéiert gët.

Bis elo war dat u sech kee Problem, mä wa mer elo soen, dass et "non public" as, dat heescht, och dee Procès-verbal ka gebraucht gin, da muss awer elo all Kéiers am Ufank vun all Sëtzung dee Procès-verbal vun där Kéier vir-drin akzeptéiert gin. Bis zu deem Zäitpunkt as en nët zougängeg fir aner Leit, ausser dene betraffene Regierungsmemberen, denen eenzelne Gruppéierungen an dene jeweilige Memberen. As en approuvéiert, da sin ech der Meinung, dass en op as an da kann och hei op der Châmbretribün dovunner Gebrauch gemaacht gin.

Dat as also eng wichteg Emännerung, déi den Här Meintz an den Débat erabruucht huet, esou dass mer elo am Artikel 21, Punkt (6) stoën hun, dass d'Dokumment d'office verdeelt gin. Am Punkt (7) steet, dass d'Reunioun non publique as, et sief dann d'Kommissioun decidéiert fir se publique ze maachen. Dat soll klor ënnerstrach gin. Dat as méiglech.

Am Punkt (8) soë mer, dass de Procès-verbal muss approuvéiert gin, dass en nëmme fir eng beschränkten Zuel vu Leit accessibel as, an dass all Communication orale ou écrite offiziell als Stellungnam vun der Kommissioun muss den Accord hun.

Am Punkt (9) as de Secret vun den Délibérations festgehalten. An de Kommissiounen kann de Secret des délibérations à l'unanimité, an an enger Commission d'enquête à la majorité des voix decidéiert gin.

Deen Deputéierten, dee sech nët dorunner hält, as laut Artikel 49 an Zukunft passibel vun engem Blâme an dat hu mer dann och drageschriwwen.

Dir Dammen an Dir Hären, dat as wat déi zwou éischt Propositions de modification ubelaangt, déi ech am Numm vu ménger Fraktioun an awer och gemëscht mat Propositionen vum Här Rippinger a vum Här Meintz mëndlech géif maachen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Jean Asselborn.

c) Proposition de modification 4397 concernant l'introduction d'une heure de questions

M. Jean Asselborn (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Dir wësst vläicht, dass den Ursprung vun där Froestonn eigentlech zrëckgeet op de Januar 1995, wou den neie Staatsminister, den Här Jean-Claude Juncker, hei séng Deklaratioun gemaacht huet an dobäi eng Froestonn uskizzéiert huet.

Mir hun, wéi all Parlament, wat eppes op sech hält, nodeduecht. Mir hun debattéiert an hun och emol eng kleng Paus gemaacht an eise Nodenken iwwer déi Fro. Elo géife mer en Essai maachen, fir dat en musique ëmzesetzen, wat deemools proposéiert gin as an enger zimlech vereinfachter Form.

Et geet ëm eng Froestonn, wéi mer se och kennen an anere Parlamenter. Déi Froestonn soll fixéiert gi vun der Commission de Travail. Do sollen dann d'Datummé par

session fixéiert gin op e ganzt Jor, an déi Froestonn soll eemol am Mount stattfannen, wann dat méiglech as, selbstverständlech an dene Méint, wou Châmbersitzunge sin.

Da gët d'Regierung interrogéiert vun den Deputéierten iwwer Sujetën, déi d'Intérêt général musse sin. De Sujet d'Intérêt général as vläicht a Kontradiktioun mat engem Sujet d'Intérêt particulier, esou dass mer wësse mussen, dass dat eppes as, wat schon iwwer den Intérêt particulier vun irgendengem klengen Problem, deem sech irgendwou am Land stellt, ewechgeet, eben en Intérêt général duerstellt. Deen Intérêt général kënnt ee fannen zum Beispill iwwer de Reliounsprogramm an der Deklaratioun iwwer den Etat de la Nation oder an der Deklaratioun iwwer d'Politique étrangère. Mir hun och geduecht dran ze schreiwen, dass d'Deputéiert sech sollen op déi dräi Programmer referéieren.

Wie stellt elo d'Froen a wéivill gin der gestallt? Et as esou geduecht, dass mer op de Wec gi vu sechs Froen an där Stonn a sechs Äntwerten och, wann et méiglech as. Mir hun och geduecht, fir eng komplett Equitéit ze maachen tëschent der Majoritéit an der Opposition.

Et as déi éischte Kéier, vun dass ech elo weess, dass an engem offiziellen Text - d'Reglement vun der Châmbre as jo een Text -, deem eng gewësse Valeur huet, dass do den Term "majorité parlementaire" an "opposition parlementaire" benotzt gët. Et as eng Realitéit mat där mer, vun dass d'Châmbre besteet, konfrontéiert sin, mä néierens gët deem Term "majorité parlementaire" oder "opposition parlementaire" benotzt.

Elo soë mer strikt Paritéit, dräi Froë fir d'Majoritéit an dräi Froë fir d'Opposition. Dat heescht, deem Text as gemaacht, dass eng Konstellatioun vu fënnef Parteië kann iwwerliewen. Et kënnen der eng Kéier dräi an der Majoritéit sin an nëmmen zwou an der Opposition oder nëmmen eng an der Opposition a véier an der Majoritéit. Alles as méiglech. Mä mir hu geduecht, dass et gutt wir, wéi et elo as, zwou Parteien an der Majoritéit an dräi an der Opposition, dass mer géife soen. jidderen huet dräi Froen, egal wéivill Sätz een huet. Dir wësst, d'Majoritéit huet jo vill méi Sätz wéi d'Opposition, mä mir hu geduecht, dass dat fir d'Parlament wichteg wir, dass déi Equitéit géif hiergestallt gin. Dir wësst jo, dass mer an der Majoritéit ëmmer fir d'Opposition e gutt Häerz hun.

(Hilarité)

Ech wëll nach ervirhiewen, dass mer wëllen, dass déi Froen un de President vun der Châmbre gestallt gin dräi Stonne virun de Sitzungen. Déi Froë sollen de Sujet eingermooßen ëmraissen, dass ee weess, ëm wat dass et geet. De President huet dann och d'Latitude, fir de Membere vun der Regierung, un déi d'Froë geriicht sin, d'Froë matzedelen.

Mir hun eis e wéineg inspiréiert un deem franséische System. Och do gi Froë gestallt an d'Membere vun der Regierung kréie gesot, wat fir Themen ugeschwat sin. De President as deem eenzege Juge vun der Recevabilitéit vun dene Froen.

Nach e klengen Punkt, deem nët onwichtig as. Mir hu geduecht, wa sechs Froë kënne gestallt gin, da gi mir denen, déi d'Froen ze stellen hun, zwou Minutten. Dat sin der zwielef. A fir ze äntweren huet jidderen aacht Minutten bei all Fro ; dat gi genee 60 Minutten.

Mir hun awer och gemengt bei deem ganze System, virun allem bei der Opdelung vun der Zäit, dass een dat

soll ulafe loossen, an da kucken, ob ee Modifikatiounen muss bréngen, ob een do soll méi Froë stellen, esou dass mer als Kommissioun gesot hun, mir sollen emol d'Expérience spille loossen, dann imperesch virgoen a kucken, ob ee muss änneren.

Et as nach e leschten Alinea an deem Règlement dran, dass de President engem vun der Majoritéit an engem vun der Opposition alternativement d'Wuert gët.

Vläicht jhust eng Approche vu ménger Säit. Mir hun d'Question écrite, d'Question urgente, d'Question avec débat, en Débat d'actualité, d'Interpellatioun. Dat as vill. Ech loossen emol den Débat d'orientation ewech. Mir hu vill Méiglechketen als Parlament, fir d'Regierung ze interpelléieren.

Et muss een awer soen, dass et nët nei as, mä an der leschter Zäit wësse mer, dass souwuel d'Regierung wéi och d'Parlament heiansdo déi ausserparlamentäresch Plateauë méi benotzt hun, fir Deklaratiounen ze maachen: d'Plateauë vun der Televisioun, d'Mikroë vum Radio an och d'Press. Déi komme méi spontan op eis zou, wéi mir an der Châmbre Spontanitéit an Intensitéit an eisen Débatë weisen. D'Parlament huet doduerch e wéineg vu senger Grëffegkeet verluer.

Ech woen och ze bezweifelen, dass dës Ännerung, déi mir elo an d'Reglement erabréngen, eppes aneschtters wäird provozéieren. Dat glewen ech nët, mä et kënnt awer een interessante Moment an der Châmbre gin, wann déi Froestonn seriö ugepaakt gët vun eis Deputéierten a vun der Châmbre seriö geholl gët.

Ech géif am Numm vun der Reglementskommissioun lech proposéieren, déi Modifikatioun guttzeheeschen an emol ze probéieren, eng Expérience heiriwwer ze maachen an ze kucken, wéi d'Grëffegkeet heivun as.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Den Här Lucien Weiler huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Déi zwou Rapportere waren esou klor, esou däitlech, esou komplett, dass et ganz schwéier as, hei nach eppes häizeflecken. Ech wëll jhust zwou Remarke maachen, wat déi Dispositiounen ubelaangt iwwer d'Berodungen an de Kommissiounen.

Mir wäerten déi Propositionen, déi hei virbruecht gi sin, stëmmen, obscho se keng terribel Begeescherungsstierm bei eis ausléisen. Mir hu gemengt, dass dee Genre vu Confidentialitéit, dee mir bis elo an de Kommissiounen haten, u sech nët esou schlecht war, dass en och den Deputéierten erlaabt huet, an enger gewëssener Fräiheet verschidde Menungen ze äusseren, déi vläicht an Zukunft nët méi an deem Mooss kënne geäussert gin, wéi dat bis elo de Fall war. Mir mussen eis Expérience domat maachen, mä et as eppes, wat eis nët vum Stull rappt.

Wat déi aner Propositionen ubelaangt, notament d'Interpellatioun an och d'Question time, géif ech mengen, dass awer hei Dispositiounen sin, déi engersäits d'Parlament vis-à-vis vun der Regierung stäerken an deem Sënn, wou d'Regierung an Zukunft nët méi kann eng Interpellatioun offenen. Dat as eng effektiv Stärkung vum Parlament. Op där aner Säit muss een awer och gesinn, an ech wëll dat répétéieren, wat de Jean Asselborn gesot huet, wann een nokuckt an dene leschte Joren, wéi d'Majoritéit ëmmer erëm bei dene verschiddene Modifikatiounen vum Règlement der Opposition entgéintkomm as, an dat

kënn bei denen zwou Propositionen, esou gutt iwwer d'Interpellatiounen, - wat och der Majoritéit zegutt kënn, mä awer an dene seltenste Fäll, well d'Interpellatiounen komme jo normal vun der Opposition - wéi awer och wat d'ei Dispositionen iwwer d'Fröestonn ubelaangt, wou mir eis nët huele gelooss hun.

Et as hei e wéineg geschmunzelt gin, wéi de Rapporteur gesot huet, d'Majoritéit huet grad esou vill Fröen zegutt wéi d'Opposition. Emmerhin, d'Majoritéit huet 38 Deputéierten, d'Opposition huet der 22. Dat as eng lichte Differenz, géif ech mengen, an trotzdem hu mer gesot, d'Opposition soll hei d'Méiglechkeet kréien, fir sech grad esou vill auszudrécke wéi d'Majoritéit.

Ech mengen, dat wär fair, dat wär korrekt, dat wär an deem Stil, wéi mir an dene vergaangene Joren ëmmer bei Reglementsmodifikatiounen dem Intérêt vun der Opposition versicht hun, Rechnung ze droen. Dir wësst alleguer, dass de François Colling e grouss Verfechter war vun den Interesse vun der Opposition. Mir sin an deem Stil weidergefuert. An ech mengen, et wär och nëmme richtig esou.

Et geet hei schlussendlech ëm d'Parlament an ëm d'Leit am Parlament, d'ei nët esou um laangen Hiewel sin, d'ei op ménger lénker Säit wéi op ménger rechter Säit hei. Also sollen d'ei och deementsprechend eng Méiglechkeet kréien, fir sech en public öffentlech vis-à-vis vun der Regierung auszudrécken.

Ech wëll een Appel maachen un eis alleguer: d'ei Allier vun der Fröestonn, d'ei kann nëmmen e Succès gin, wa mir alleguer e bëssen Disziplin walle loosse, notannent och an der Formulatioun vun de Fröen, d'ei hei kënnen gestallt gin. Et as gesot gin, dass et Fröen d'intérêt général solle sin, d'ei sech bezéie sief et op d'Regierungserklärung, sief et op d'ei eenzel Deklaratiounen iwwer den Etat de la Nation. Wat mir evident schéngt.

Et soll och eng gewësse Prezisioun an d'Frö selwer, esou wéi se gestallt gin, erakommen, fir dass och deen eenzelne Regierungsmember ka wëssen, ëm wat dass et geet.

Et war eng Fro ze wëssen, ob d'ei Froen am Virfeld der Regierung iwwermëttelt gin oder nët. D'Menunge sin aus-erneegaangen queesch duerch d'Fraktiounen. D'ei eng waren der Meinung, et soll een der Regierung mëtten, wann de President d'Frö kritt, se matdelen, anerer hu gemengt, dat sollt nët de Fall sin, fir mei Spontanitéit ze garantéieren. Mir hun eis derfir décidéiert, dass d'Regierung se matgedeelt kritt.

Mir sollen elo emol eis Expérience dermat maachen, a wa mer emol eng hallef Dose Fröestonnen eriwwe hun, da solle mer Bilanz zéien a kucken, wéi mir mat dene Propositionen vum Jean Asselborn fuere. Wa mer mengen, et misst eppes geännert gin, maache mer dat, wann nët, da fuere mer esou weider.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - D'Mme Agny Durdu huet d'Wuert.

Mme Agny Durdu (DPL) - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Ech muss fir d'ei den zwee Rapporteur, dem Här Krecké an dem Här Asselborn merci soë fir d'ei klor Rapporten, d'ei si gemacht hun.

Mir si frou, dass d'Spillregele solle ganz klor sin. Mir hoffen och, dass se an der Applikatioun esou wäerte sin. Ech bréngen den Accord vum ménger Fraktioun zu denen dräi Projeten.

M. le Président. - D'Mme Renée Wagener huet d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DEL GRÈNG) - Här President, Ech wärd kuurz, awer nët esou kuurz si wéi méng Virriednerin. Ech hu mer mat méngem Kolleg Robert Garcia d'Aarbecht e bëssen opgedeelt. Hie wärd sech e bësse mei am Detail mat der Proposition iwwer d'Heure de questions befaassen. Ech wëlt op d'ei zwou éischt Propositionen ze schwätze kommen.

Zur éischer Proposition iwwer d'Interpellatiounen, do kann ech direkt soen, dass mir als Fraktioun wäerten eisen Accord dozou gin, well mir och fannen, dass hei wierklech Handlungsbedarf bestanen huet.

Mir mengen och, dass d'ei zwou Ännerungen, d'ei elo komm sin, mei klor musse spezifizéiert gin an der Demande, fir eng Interpellatioun ze maachen, an zwar dass wat den Objet vun der Interpellatioun as, eng wichtige Saach as an nach mei wichtig fanne mir, dass en Délai agesat gin as, deen op sechs Méint festgeluegt gouf.

Et kann een drüwer diskutéieren, ob dat nët e bësse laang as, mä wann ee sech d'Praxis ukuckt, wéi se bis elo wor, da kann dat nëmmen eng Verbesserung duerstellen, well mer wëssen alleguer, dass mer mëttlerweil Interpellatiounen op der Lëscht stoen hun, d'ei zwee oder souguer dräi Jor al sin, a wou d'Regierung nach ëmmer nët daigéiert huet ze äntwerten. Si huet zwar heiansdo eng Äntwert gin, dass se se géif unhuelen, mä dat huet awer nach laang nët geheescht, dass d'ei Interpellatioun endlech op den Ordre du jour komm as. An deem Sënn as dat hei natierlech eng därelech Verbesserung par rapport zu fréier a secherlech eng Opwärtung vum Rôle vun den Interpellatiounen.

Et kann een natierlech eng Kritik üben, an dat as d'ei iwwer den Artikel 83, wou festgehale gët, dass d'Commission de Travail, am Ennerscheid zu fréier, wou et d'Regierung wor, kann eng Interpellatioun transforméieren an eng Question avec débat.

Mir hun nët onbedéngt vill mei Vertrauen an d'Majoritéit wéi an d'Regierung, an dofir stelle mir eis e bëssen d'Frö, ob dann domat nët dee selwechte Maukuerf der Opposition kann ugedoë gin, wéi dat bis elo schon de Fall wor. Dat muss sech an der Praxis erweisen. Mir wäerten, trotzdem dass dësen Artikel dra steet, wou mer e bësse skeptesch sin, dës Proposition stënnen.

Zu der zweter Proposition iwwer de Secret vun de Kommissiounen an iwwer d'Non-Publicitéit. Dat as, ménger Meinung no, vläicht mei eng wichtige Reform, well et fir Klorheet suert iwwer d'Rechter vun den Deputéierten, wat d'Informationspolitik vun deem heiten Haus betrëfft. An dat steet och am Jeannot Krecké sengem Exposé des motifs.

Bis elo wor et eigentlech zwar schon esou, dass d'Situatioun klor wor, mä et wouss keen, dass et een Ennerscheid géif gin tëschent Secret an non public, an dat huet ëmmer fir eng bësse quokelech Situatioun gesuert, wann een als Deputéierte mat Informatiounen aus enger Kommissioun an d'Öffentlechkeet gaangen as.

Hei schafe mer also elo Klorheet, a mir mengen, dass dat ganz wichtig as. Ech sin och nët der Meinung vum Här Weiler, deen e bëssen Ängschten hei geäussert huet, dass

Fräihete géifen ageenkt gin. Ech géif éischter mengen, dass déi Reform, déi mer hei virhuelen, dozou wäerd bäidroen, dass d'Kommissiounsarbeit opgewäert gët, well d'Öffentlechkeet méi wäerd vun där Aarbecht matkréien. Ech denken, dass dat e wichtige Aspekt as, an deem as och nëmmen ze begreifen.

Et wäerd och e Schrëtt hin zu méi engem korrekten Funktionnéiere sin, well mer elo och emol wäerten dozou iwwergoen, dass Rapporten vun dene Kommissiounen als éischte Punkt vum Ordre du jour wäerten ofgestëmmt gin. Dat war bis elo seltsamerweis nët de Fall, an et kann ee sech nëmmen driwwer wonneren, well an all Keieclub as dat absolut normal, dass den éischte Punkt vum Ordre du jour d'Adoptioun vum Rapport as.

(Interruption)

Bis elo war dat an dësem Haus nët de Fall, an och do gi mer also op en neie Wee!

Ee grouse Problem as awer - an dat wäerd och de Grond sin, firwat déi Gréng sech trotzdeem bei dëser Proposition wäerten enthalten - de Fait, dass d'Enquêtékommissiounen anescht traitéiert gi wéi déi normal Kommissiounen, wat d'Confidentialité betrëfft. Wann Der Ären Text liest, da gesitt Der, dass do en Ennerscheid gemaacht gët: während bei enger normaler Kommissioun d'Unanimitéit vun de Membere muss dofir sin, dass de Secret agehale gët, geet et bei der Enquêtékommissioun duer, dass eng Majoritéit déi Décisioun hëlt.

Mir sin nët der Meinung, dass dat eng sënnvoll Saach as, a mir verstinn et och nët, well grad bei enger Enquêtékommissioun, wou et ëm grave Faitë geet, si mir der Meinung, dass eng Unanimitéit misst do sin. Mir sin och grad an vu vun den Evenementer vun dene leschte Wochen der Meinung, dass et wichtig wär, dass hei eng Unanimitéit do wär, fir esou Décisiounen ze huelen. Dat as also de Grond, firwat mir eis bei dëser Proposition wäerten enthalten.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner as den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun eiser Fraktioun wëll ech denen zwee Rapporten, dem Här Krecké an dem Här Asselborn - a selbstverständlech och dem Här Rippinger, deem eng Proposition gemaacht huet -, hei merci soë fir déi Rapporten, déi se gemaacht hun an déi mer an der Commission du Règlement duerchdiskutéiert hun.

Ech mengen, et muss een déi dräi Propositionen, déi mer de Mëtt hei diskutieren, global kucken - mir hu se och global diskutéiert -, well et as eng Diskussioun, déi mer iwwer Méint - ech géif souguer soen iwwer Joren - hei an der Châmber ëmmer erëm op en Neits gefouert hun. Et war e gewëssene Sträitpunkt do, dee sech tëschent der Majoritéit an der Opposition ëmmer erëm ervirgedoen huet, wou mer elo am Fong geholl - op jidde Fall vun eiser Säit aus - frou sin, dass e Konsens tëscht de Parteien fond gin as, wéi mer eist Règlement kéinten an dräi wesentliche Punkten, wat d'Zesummenarbeit tëscht der Majoritéit an der Opposition, mä och wat d'Kontrollfunktoun vun der Châmber vis-à-vis vun der Regierung ugeet, méi konkret festhalen.

Virun allem um Niveau vun den Interpellatiounen schéngt eis déi Ännerung vum Règlement hei e wesentliche Fortschritt ze sin. Mir kënnen eis alleguer erënnern,

datt mer hei Demandes d'interpellation hate vun Deputéierte vun dene verschiddenste Fraktiounen, déi iwwer Méint a Joren nët zur Diskussioun komm sin a ganz dacks iwwerhaupt nët konnten diskutéiert gin.

Et as virdru vum Rapporteur hei eng Interpretatioun vun der Verfassung gemaacht gin, wou am Fong gesot gin as, dass et d'Recht, wann nët souguer d'Flicht vun der Opposition wir, fir d'Méiglechkeiten auszuschöpfen, fir d'Exekutiv, d'Regierung, kënnen ze kontrolléieren. Et muss een am Fong soen, dass eist Règlement, wat bis elo a Funktioun war, wat d'Interpellatioun ubelaangt, an engem gewëssene Sënn, quitte dass mir als Châmber selwer der Regierung dee Pouvoir gin hun, mä doduerch, dass se dee Pouvoir kritt huet, am Fong contraire zu eiser Konstitutioun as.

Ech mengen, et war nët normal, dass en Deputéierten, deem d'Regierung wëll interpelléieren, am Fong huet missen eng Demande iwwer de President un d'Regierung maachen, an dass d'Regierung dann décidéiert huet, ob se déi Interpellatioun géing unhuelen, jo oder neen. Dat neit Règlement, wat elo hei proposéiert gët, gesäit also nët méi déi Demande un d'Regierung vir. Si brauch nët méi hiren Accord ze gin a kann en och nët méi refuséieren. D'Règlement seet, dass déi Interpellatioun muss an engem Zäitraum vu 6 Méint iwwer d'Bühn goen.

Et as allerdéngs esou, dass mer an der Vergaangenheet am Fong zwou Guillotinen haten: déi eng war déi op Regierungsniveau, wou d'Regierung engersäits konnt soen, mir huelen d'Interpellatiounen nët un - da ware se fort -, op där anerer Säit konnt d'Regierung awer higoen a soen, mir huele se un, an dann hun um Niveau vun der Commission de Travail d'Majoritéitspartei se nët op den Ordre du jour gesat, aus dene verschiddensten Ursachen, well se eng Kéier gesot hun, si hätte keng Zäit, den Ordre du jour vun der Châmber géif et nët zouloossen oder d'Regierungsmembere wieren nët verfügbar asw. . .

Op jidde Fall waren zwou Méiglechkeeten do, dass eng Interpellatioun einfach nët konnt vun engem Deputéierten hei an der Châmber virgedroë gin. Mä, wéi scho virdru gesot: dëst Règlement schafft elo déi eng Guillotine, wat d'Regierung ubelaangt, of. Si bleift selbstverständlech bestoen um Niveau vun der Commission de Travail, wou een allerdéngs kann hoffen, dass d'Kollege vun de Majoritéitsparteien d'Guillotine nët spille loossen, mä dass dee Konsens, deem am Fong an der Commission du Règlement fond gin as, och hei zum Droë kënnt an déi Interpellatiounen hei wierklech alleguer zur Diskussioun kommen, an dass de Fait, dass se an eng Question avec débat ëmgewandelt gin, nëmme géing d'Ausnam bleiwen.

Mir ënnerstëtzen awer déi Proposition. Mir hun an der Kommissioun eis Zoustëmmung dozou gin, a mir gin och selbstverständlech eis Zoustëmmung hei an der Châmber zu där Ännerung vum Règlement.

Bei den Aarbechten an der Kommissioun, wat de Secret ubelaangt, mengen ech, as et gutt, dass mer elo eng Regelung kréien, déi méi klar as. Bis elo as ganz oft driwwer diskutéiert a gestridde gin, an et si verschidden Interpretatiounen vun deem Text gemaacht gin. Déi eng hu gesot, et dierft een et maachen, déi aner hu gesot, et dierft een et nët maachen. Ech mengen, hei kënnt elo eng klar Definitioun an eist Règlement eran. Et as och wichtig, dass déi Compte renduën a Procès-verbalë mussen an där nächster Sitzung approuvéiert gin a vun do un nët méi ënner de Secret falen.

Datt d'Commissions d'enquête kënne mat enger einfacher Majoritéit de Secret ausschwätzen, stéiert eis an dëser Phas, well mer einfach wëssen, datt et an enger Commission d'enquête normalerweis Problemer gët, wou relativ schwéierwiegend a kritesch Sujetë behandelt gin an et ganz dacks dann och eng gewësse Konfrontatioun tëscht der Majoritéit an der Oppositoun gët.

Mir wëssen awer, datt d'Commissions d'enquête d'Ausnam sin, datt se ganz selten zum Virschäi kommen, an ech mengen, och an deem spezielle Fall iwwer d'illegal Finanzéierungen am Gesondheitsministère war souguer d'Oppositoun mat enger Majoritéitspartei Demandeur, datt et sollt eng Commission spéciale bleiwen a keng Commission d'enquête gin, esou datt een also feststellt, datt mer nët Bestriewungen heibannen am Parlament hun, fir séier an oft Commissions d'enquête ze maachen.

Nach eng lescht Bemierkung iwwer déi nei Regelung, wat d'Fröestonnen ubelaangt.

Ech mengen, dat as och e Fortschritt, dee mer hei am Parlament maachen, datt mer elo kënne op méi eng spontan Aart a Weis hei Froë stellen un d'Regierungsmitglieder. Et as ausgeglach tëscht Majoritéit an Oppositoun, et dréit sech am Prinzip all Mount ëm eng Stonn, wou déi Froëstonn hei zustane kënnt.

Mir wëssen, datt sengerzäit am Fong de Staatsminister Jean-Claude Juncker, wéi en nei a Fonktioun war, de Wonsch geäussert hat, dem Parlament Froë kënne stellen ze kommen. Ech menge selbstverständlech, datt ëmmer e Minister kann heihinner kommen an dem Parlament - oder engem Deputéierten - eng Fro stellen. Ech mengen, dat as en elementaart Recht. Ob en Deputéierten dann drop äntwert, dat as dem Deputéierte säi Recht, mä d'Roll as am Fong déi, datt d'Parlament d'Regierung kontrolléiert an hir Froë stellt, an datt nët d'Regierung do as, fir dem Parlament Froen ze stellen.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gin ech nët op d'Detailer vun där Froëstonn an. Mir kënne eis mat där Iddi do d'accord erklären. Mir si frou, datt no jorelaangen Diskussiounen e Konsens fond gin as tëscht dene fënnf Fraktiounen hei an der Châmber a mer eis emol selwer e Reglement gin, fir eben dat elementaart Kontrollrecht vun den Deputéierten, wat an der Verfassung feststeet, auszeüben. Firwat dat esou laang gedauert huet, entzitt sech méngé Kenntniser.

Ech si frou, datt d'Majoritéit mat denen Ännerungen hei d'accord war, an d'Zukunft gekuckt huet an och domat rechent, datt se an absehbarer Zäit vläicht eng Kéier an d'Oppositoun kënnt an dann och ka vun denen Ännerungen an eisem Reglement hei profitéieren. An deem Sënn as et fir eis eng Selbstverständlechkeet - fir hir och an Zukunft déi Méiglechketen ze gin -, datt mer dene Reglementsännerungen hei eis Zoustëmmung wäerte gin.

M. le Président.- Als nächste Riedner as den Här Robert Garcia agedroen.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech huele jhust Stellung zu där drëtter Proposition de modification, nämlech där, déi déi aktuell Froëstonn betrëfft.

Et as scho richtig, wéi den Här Weiler e bëssen defeatistescht sot, dass et keng grouss Begeeschterung gouf, fir d'Froëstonn anzeféieren. Ech muss awer soen, dass e Parlament, wat sech selwer wëll opwäerten an dobäi e schlecht Gefüll huet, en zimlech trauregt Parlament as.

Dofir wëll ech nach eng Kéier déi dräijäreg Geschicht vun der Proposition retraceieren, fir ze dokumentéieren, wéivill Zäit eng geringfügig Verbesserung vun den Aarbechte vum Parlament brauch, mä awer och d'Proposition relativéieren, well se och nëmmen e klengt Element as vun enger globaler Politik, déi misst gemaacht gin, fir d'Parlament opzewäerten, well e Parlament, wat sech selwer nët méi seriö hëlt, brauch sech nët ze erwaarden, dass d'Öffentlechkeet et seriö hëlt.

Ech wëll awer vläicht nach kuerz eng Remarque maachen zu deem Text, deem de Konsens vun dene fënnf Fraktiounen fond huet. Do as e klengen Detail, dee mir nët ganz besonnesch gutt gefällt, well ech sengerzäit wollt an eng aner Richtung goen. Dat as, dass d'Regierungsmitglieder nët sollen de Contenu vun dene Froë kennen, ier se hei am Plenum abruecht gin.

Et as nämlech esou, dass d'Questions avec débat sech jo vun de Questions écrites doduerch ënnerscheden, dass se hei virgelies gin, amplaz dass se per Fax oder Brëif verschéckt gin. D'Gefor besteet, dass, wann d'Regierungsmitglieder Kenntnis hu vun der Thematik, voire souguer vun der Fro, se dann iwwer Mëtteg hire Conseiller de Gouvernement um Büro loossen, deem hinnen dann d'Fro muss schreiwen, a si komme se virlesen.

Mir hate souguer an der Kommissioun gesot - fir ze verënnern, dass en Deputéierte spontan heihinner kënnt an iwwer d'Telefonzell op der Wäpferhaart géng eng Fro stellen -, dass d'Froë sech sollen op d'Regierungserklärung an d'Deklaratioun zur Lag vun der Natioun bezéien, fir ze vermeiden, dass hei zevill Kiirchtuermpolitik gemaacht gët.

Ech hätt et léiwer gesinn, dass et esou gewiescht wär, dass d'Regierungsmitglieder déi Froen effektiv eréischt am Plenum gestallt kritt hätten. Da wär et e bësse méi zu engem spontanen Débat komm, d'autant plus wou déi eenzel Regierungsmitglieder jo awer müssen an hirem Dossier esou dra sin, dass se kënne am Kontext vun der Regierungserklärung zur Genüge äntweren.

Ech wëll awer vläicht elo nach e kuerzen Historique maachen, wéi et iwwerhaapt zu dëser Proposition komm as. Bis haut de Moiën 11 Auer hun ech nämlech selwer och geduecht, dass et de Staatsminister Juncker gewiescht wär, deem als éischten déi Proposition erabruecht hätt. Mä dozou e bësse méi spët!

Op alle Fall huet de Premierminister Juncker a senger Regierungserklärung vun 1995 déi Proposition gemaacht, an dun as eng ganz Zäit laang näischt passéiert. Ech hun dun am Oktober 1996 eng Question avec débat gestallt - ech konnt jo keng Question avec débat un eis selwer stellen, dofir hun ech se missen un de Premierminister stellen - an hie gefrot, ob hien nach ëmmer bereet wär, heihinner ze kommen a sech de Froë vun den Deputéierten ze stellen. Déi Fro as dun awer nët hei am Plenum behandelt, mä un d'Commission du Règlement verwise gin. Do hate mer eng ganz Rei interessant Sitzungen, wou ënner anerem och d'Häre Weiler an Asselborn sech ganz staark agesat an déi Propositionen zu enger interessanter Synthees zesummebruecht hun.

Dun, mengen ech - wann ech mech gutt erënnern -, war am Juli 1997 schon de Kompromiss esou wäit fäerdeg - e war schon den 20. März geschriwwen, an en as am Juni nach eng Kéier begutacht gin -, an Dir, Här President, hat ech an d'Parlament jo och schon am Interview mat enger grousser Lëtzebuerger Tageszeitung begléck-

wünscht zu där Initiativ. Mä dun as awer dëi ganz Zäit erëm näischt geschitt, an ech hun dun, ulässlech vun de Budgetsdebatte vum Dezember 1997, dëi Fro nach eng Kéier opgeworf. Well du souwiso dëi zwou aner Ännerungen ustoungen, as gesot gin, da maache mer dat an engem Pak zesummen.

An der Press war dun nach zwëschenduerch ze liesen, dass et erëm den Här Juncker gewiescht wär, deen dëi Saach relancéiert hätt, mä ech mengen, dat war awer op alle Fall falsch. Ech mengen, dass d'Initiativ eigentlech ëmmer vun der Châmber ausgegangen as.

Ech wëll awer, wëi ech et schon ugekënnegt hun, dëi heite Mesür an de Kontext vun enger globaler Revalorisation vun der Châmber, dëi eigentlech och vun alle Bänken ëmmer erëm gewünscht gët, setzen.

Ech hun haut de Moien - ech hun Iech jo scho gesot, dass ech bis 11 Auer geduecht hun, dëi Proposition war vum Här Juncker komm - an der Sondermülldeponie vu mëngem Computer, an all dene refuséierte Motioune, Resolutioune a soss Texter, dëi mir hei abruucht hun, e bësse gewullt an um 11 Auer eng Fro fond, dëi ech der deemoleger Presidentin, der Mme Erna Hennicot-Schoepges, gestallt hat. Dat war dëi zweet Sitzung vum neigewielte Parlament, wou et jo zu grësseren Tumulte komm war, an do hate mir als Fraktioun eng Resolution déposéiert, wou mer en Débat d'orientation iwwer d'Revalorisation globale vun der Châmber gefrot haten.

Dat as dun e bëssen zrëckgestallt gin, well d'Mme Presidentin gefrot hat, mir sollten do e bësse méi Präzisioun gin. Ech hun dun hei e Brëif fond vum 19. Oktober 1991, wou mir dann als Groupe parlementaire eis Virstellungen op 3-4 Säiten zum beschte gin, wat mir alles mengen, dass misst geschéien an och an engem Débat d'orientation misst diskutéiert gin.

Do fannen ech ënner anerem ënner dem Punkt 3 "Les débats généraux" folgende Saz: "Prévoir pour chaque début de session mardi après-midi un temps fixe pour des questions avec débat (Fragestunde) avec une ventilation fixe, par exemple une question par fraction et un temps de parole plus large". Ouni elo wëllen arrogant ze gin, hu mir also en halleft Jor vürum Staatsminister dëi Iddi schon hei am Parlament déposéiert.

Ech hun dun nach eng Kéier dee ganzen Text hei duerchgelies, an ech fannen, dass do effektiv an der Tëschenzäit och 2-3 Propositione Realitéit gi sin, mä fir eng global Revalorisation vum Parlament geet dat Ganz net duer. Dofir wollt ech, amplaz dass ech elo dat heiten hei virlesen, deen Text, deen deemools net behandelt gin as, hei déposéieren, mat dem Wunsch, dass et am Compte rendu publizéiert gët, well mir hale gär dëi Demande fir en Débat d'orientation iwwer d'Revalorisation vum Parlament oprecht.

Well wann ech dëi Punkte vun deemools hei kucken, esou sin der awer eng ganz Parti, notament dëi, dëi méi e positivt Bild vun den Aarbechte vum Parlament no bausse solle gin, an och dëi, dëi de Propositions de loi méi Poids solle gin - et as jo esou, dass d'Propositions de loi, dëi vun eis selwer kommen, eigentlech par rapport zu de Projets de loi, dëi vun der Regierung hei erfroren, relativ stiefväterlech oder stiefmütterlech behandelt gin -, nach net ëmgesat.

Ech wëll dofir, Här President, deen Text hei déposéieren, a mat deem Text zesummen och eng nei Resolution,

dëi e bëssen dat erëmgët, wat mer deemools gefuerder hun: mir wëllen nämlech, dass am Parlament, besonnesch no dene mouvementéierte Wochen a leschter Zäit, dëi jo och net grad fir d'Parlament ganz gönschteg waren, en Débat soll gefouert gin, fir ze kucken, wat dëi eenzel Fraktiounen sech ënner enger méi globaler Verbesserung vun den Aarbechten - an awer och vum Bild vum Parlament - geife wënschen.

Résolution 1

La Chambre des Députés

- *soucieuse d'assurer une plus grande efficacité des travaux parlementaires sur tous les niveaux,*

- *saluant l'amélioration survenue au cours des dernières années concernant le travail des fractions parlementaires, inquiète devant la multiplication de projets de loi, de directives communautaires et de règlements à hauts degrés de technicité et de subtilité juridique,*

- *inquiète devant l'image négative que certains faits récents auraient pu donner des travaux du parlement,*

- *intéressée, d'une façon générale, à mener un débat sur les conceptions des différentes fractions parlementaires quant aux priorités à donner à la politique de revalorisation de la Chambre,*

se propose

- *d'organiser dans les meilleurs délais un débat d'orientation sur les priorités dans les mesures de revalorisation des travaux parlementaires,*

- *de charger la commission compétente de préparer ce débat d'orientation.*

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss et Renée Wagener.

Souwäit also zu denen allgemengen Ausféierungen. Ech wëll nach eng Kéier soen, dass mir trotz dene Reserven, dëi mir zu deem klengen Punkt, wou d'Regierung iwwer dëi Questione scho Bescheid weess, och wäerten dëi drët Proposition vum der Reglementsännerung stëmmen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner as den Här Jean-Paul Rippinger agedroen. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt nëmmen eng Observatioun maachen an eng Fro stellen; eng Observatioun, dass mer selbstverständlech d'accord si mat deem Délai vu 6 Méint fir d'Interpellatiounen, mä ech mengen, Dir sid Iech bewosst, dass deen Délai vu 6 Méint net, ëmmer 6 Méint bedeit, notament wann d'Interpellatioun gefrot gët an engem Délai tëscht dem 1. Februar an dem halwen Abrëll. Wa se den halwen Abrëll gefrot gët - oder den 10. Abrëll, loosse mer soen -, da muss se jo bannent 3 Méint beäntwert gin, well soss fällt de Rescht vun denen 3 Méint an d'Vakanz. Et kann een et dréien a kéieren, wëi ee wëll, genau kann een et ni maachen!

Dat zweet as d'Pro, dëi ech wollt stellen. Bien entendu, mir maachen hei en Text fir d'Zukunft, an do falen all dëi Interpellatiounen dran, dëi elo an Zukunft wäerten hei gestallt gin. Mä wëi as et mat denen Interpellatiounen, dëi elo nach unhängeg sin? Ech huelen net un, dass dëi "en économie" falen oder op e Compte bloqué gesat gin! Ech huelen un, dass dëi irgendwann, enges Daags, och virkommen!

Ech perséinlech hun der 3 unhängeg! Op déi aner Manéier wéilt ech natüerlech nët hun, datt déi 3 bannent 6 Méint kéimen, émsou méi wou d'Regierung elo zwee Jor hat, fir se unzuhuelen. Ech hun notämmen eng, op déi ech nach keng Äntwert kritt hun: dat as déi iwwer de Flughafen. Déi as ëmmer nach unhängeg, an et weess een nët, ob se ugeholl oder refuséiert gin as.

Dofir géing ech proposéieren, entweder déi Interpellatiounen, déi elo nach unhängeg sin, automatesch mat ze iwwerhuelen a se bannent 6 Méint ze evakuéieren, oder awer, mir fänken nei un, an da weess den Deputéierten, dass en déi Interpellatiounen, déi e gemaacht huet, nei stellt, wann deen Text hei en vigueur as. Dofir wär et nawell wichteg, wann de Rapporteur mer méng Lanterné géing éclairéieren...

(Coups de cloche de la Présidence)

...iwwer dee prezise Sujet. Wat geschitt also mat denen Interpellatiounen, déi momentan nach unhängeg sin? Gin déi dann automatesch - ech gesinn, en as elo hei - an denen nächste 6 Méint iwwerholl oder musse mer se nei stellen? Et as jhust déi Fro, Här President, déi ech wollt stellen, fir datt ech weess, wat ech mat méngen 3 Interpellatiounen maachen!

M. le Président.- Den Här Krecké freet d'Wuer.

M. Jeannot Krecké (LSAP), rapporteur.- Ech mengen, op déi Fro, déi den Här Rippinger gestallt huet, gët et nëm men eng logesch Äntwert, an dat as déi, dass selbstverständlech fir déi unhängeg Interpellatiounen d'Modifikatiounen applizéiert gin.

(Interruptions diverses)

Här Rippinger, dat heescht, dass et mat Sécherheet bannent 6 Méint muss do sin. Et dierf nët méi laang dauere wéi 6 Méint! Wann dat do d'Richtung soll sin, da solle mat dat och maachen, a wa mir als Commission de Travail der Meinung sin, dass déi Interpellatiounen nei berechtegt wäeren, da soll ee se ënzwandelen, mä mir solle se nët enzwousch hänke loossen!

M. le Président.- D'Diskussioun as elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Articlele vun der Proposition 4388/4333 iwwer d'Interpellatiounen a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte de la proposition de modification 4388/4333 (par M. Jean Spautz)

D'Articlele si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen iwwer deen Ännerungsvorschlag of.

Vote sur l'ensemble de la proposition de modification 4388/4333

Déi fir déi virleiend Proposition sin, stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthalte sech.

D'Proposition as eestëmmege ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par Mme Nelly Stein), MM. François Biltgen (par M. Marcel Glesener), Willy Bourg (par M. Pierre Frieden), Lucien Clement, Nicolas Estgen, Pierre Frieden, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Lucien Clement), Edouard Juncker, Ady Jung (par M. Nico Loes), Norbert Konter, Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Laurent Mosar), M. Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Alphonse Theis et Lucien Weiler ;

MM. Jean Asselborn, Mars Di Bartolomeo (par M. Lucien Lux), Mathias Greisch, Claude Halsdorf, Jean-Pierre Klein, Roger Klein (par M. Jean Schiltz), René Kollwelter, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Françoise Kuffer), MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer, Jean Schiltz, Camille Weiler et Marc Zanussi (par M. Mathias Greisch) ;

MM. Eugène Berger, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Meintz), M. Emile Calmes (par M. Jean-Paul Rippinger), Mme Agny Durdu, MM. Henri Grethen, Paul Helminger, Carlo Meintz, Mme Lydie Polfer (par M. Henri Grethen), MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer et Carlo Wagner ;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen ;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwer d'Proposition 4389.

Lecture du texte de la proposition de modification 4389 (par M. Jean Spautz)

D'Articlele si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen doriwwer of.

Vote sur l'ensemble de la proposition de modification 4389

Déi fir déi virleiend Proposition sin, stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthalte sech.

D'Proposition as ugeholl mat 53 Jo-Stëmmen a 5 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par Mme Nelly Stein), MM. François Biltgen, Willy Bourg (par M. François Biltgen), Lucien Clement, Nicolas Estgen, Pierre Frieden, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Lucien Clement), Edouard Juncker, Ady Jung (par M. Jean-Marie Halsdorf), Norbert Konter, Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Laurent Mosar), M. Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Alphonse Theis et Lucien Weiler ;

MM. Jean Asselborn, Mars Di Bartolomeo (par M. Lucien Lux), Mathias Greisch, Claude Halsdorf, Jean Pierre Klein, Roger Klein (par M. Jean Schiltz), René Kollwelter, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Françoise Kuffer), MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer, Jean Schiltz, Camille Weiler et Marc Zanussi ;

MM. Eugène Berger, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Meintz), M. Emile Calmes (par Mme Agny Durdu), Mme Agny Durdu, MM. Henri Grethen, Paul Helminger, Carlo Meintz, Mme Lydie Polfer (par M. Henri Grethen), MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer et Carlo Wagner ;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Jean-Pierre Koepp), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwer d'Proposition 4397.

Lecture du texte de la proposition de modification 4397 (par M. Jean Spautz)

D'Artikele si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen driwwer of.

Vote sur l'ensemble de la proposition de modification
4397

Déi fir déi virlelend Proposition sin, stëmmen mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthale sech.

D'Proposition as eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par Mme Nelly Stein), MM. François Biltgen, Willy Bourg (par M. Pierre Frieden), Lucien Clement, Nicolas Estgen, Pierre Frieden, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Lucien Clement), Edouard Juncker, Ady Jung (par M. François Biltgen), Norbert Konter, Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Laurent Mosar), M. Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Alphonse Theis et Lucien Weiler ;

MM. Jean Asselborn, Mars Di Bartolomeo (par M. Lucien Lux), Mathias Greisch, Claude Halsdorf, Jean-Pierre Klein, Roger Klein (par M. Jean Schiltz), René Kollwelter, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Françoise Kuffer), MM. Jean Regenwetter (par M. Mathias Greisch), Jos Scheuer, Jean Schiltz, Camille Weiler et Marc Zanussi ;

MM. Eugène Berger, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Meintz), M. Emile Calmes (par Mme Agny Durdu), Mme Agny Durdu, MM. Henri Grethen, Paul Helminger, Carlo Meintz, Mme Lydia Polfer (par M. Henri Grethen), MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer et Carlo Wagner ;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Jean-Pierre Koepp), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen ;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Da komme mer zur Resolutioun vum Här Garcia a stëmmen driwwer of.

(Interruptions)

Den Här Weiler freet d'Wuert.

M. Lucien Weiler (CSV). - Ech mengen, dat do as eppes, wou mer schon oft hei driwwer diskutéiert hun. Et as scho virun enger Rei vu Jore vun de Kollege vun der grénger Fraktioun gefrot gin. Si hun och dozou Propositione gemaacht! Mir hun nach näischt erreecht, wa mer eis Gedanke maachen, wéi een d'Parlament kéint a sollt revaloriséieren! Ech géing soen, mir kënnen domat d'accord sin, mä dass et vläicht och iwwer en anere Wee géing goen...

(Interruptions)

M. le Président. - Den Här Krecké huet d'Wuert.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Ech hu kee Problem domat, dass eis Fraktioun dat hei stëmmt. Ech wëll allerdings soen, dass et och eng Méiglechkeet géif gin, fir dat ze maachen, ouni e groussen Débat ze féieren. Mir hun awer kee Problem domat!

M. le Président. - Mir stëmmen iwwer d'Resolutioun of.
Vote

Wien derfir as, as gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien as dergéint ?

D'Chamber as eestëmmeg d'accord. Also as déi Resolutioun ugeholl.

Den Här Krecké freet d'Wuert.

5. Changements dans la composition des Commissions parlementaires permanentes et spéciales et des Assemblées parlementaires internationales

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här President, obwuel et haut nët zur Veredegung vun enger Rei Leit komm as, mä d'Mme Lydie Err awer an d'Regierung komm as, musse mir si probéieren ze ersetzen, fir an dene verschiddene Kommissiounen crëm komplett ze sin.

Dofir wollt ech lech proposéieren, dass an der Commission des Affaires étrangères et européennes d'Mme Lydie Err ersat gët duerch den Här Jos Scheuer, an der Commission juridique duerch d'Mme Lydia Mutsch, an der Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle duerch den Här Lucien Lux, an der Commission du Règlement duerch mech an an der Commission de l'Egalité des chances entre femmes et hommes et de la Promotion féminine duerch d'Mme Lydia Mutsch. An der Commission spéciale des Stupéfiants gët d'Mme Err ersat duerch den Här Marc Zanussi an an der Commission spéciale d'Éthique duerch den Här Mars Di Bartolomeo. An der Conférence des Organes spécialisés dans les Affaires communautaires (COSAC) gët d'Mme Err ersat duerch den Här Jos Scheuer. Représentant vun eiser Fraktioun am Conseil de l'Europe an an der UEO gët iwwerdeems den Här René Kollwelter.

(Hilarité et interruptions)

M. le Président. - D'Chamber hält Akt vun den Annerungen, déi virgeschloë gi si vum Jeannot Krecké als President vun der sozialistescher Fraktioun.

Als nächste Punkt op eiser Dagesuerdnung hu mer d'Question avec débat 3 vum Här René Kollwelter iwwer de Centre culturel de Rencontre de l'Abbaye de Neumünster.

Den Auteur vun der Question huet fënnf Minutten Zäit fir s'eng Haaptfro an, no der Äntwert vum Minister, nach eng Zousatzfro virzedoen.

Här Kollwelter, Dir hut d'Wuert.

6. Question 3 avec débat de M. René Kollwelter concernant le Centre culturel de Rencontre de l'Abbaye de Neumünster

M. René Kollwelter (LSAP). - Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Mir haten d'Geleënheet virun e puer Meint dës öfteren iwwer déi eng oder aner kulturell Infrastruktur hefteg, heiansdo esouguer ganz hefteg, ze diskutéieren.

Et gin eng Rei kulturell Projeten, déi ënnerwee sin, wou eigentlech vill manner driwwer geschwat gët. Iwwer déi ech haut wollt schwätzen, sin déi, déi mer schon 1993 hei ofgestëmmt hun, nämlech d'Renovatioun an och eng nei Affektatioun vun der Abtei Neimënster. Dat as a méngen Aen eng vun den interessantesten a wichtegste kulturellen Infrastrukturen, déi an der nächster Zäit wäerten hir